Ried vum Nic. Kremer ze Rodange den 25.04.1992

Léif Familljen

Här Buurgemeeschter

Léiw Frënn

Mär hun eis haut hei zesummefond, fir un e gudde Mënsch ze denken, an un dat ze erënneren, wat de Batty Reisch am leschte Weltkrich fir séng Hemecht, a fir eis all gemaach huet.

Et gëtt ewell esou vill un all dat erënnert, wat viru 50 Joër alles geschitt as, an et gëtt geschwat iwer all déi Mériten vu Leit, déi mär nët kannt hun.

Mär sollen dofir net versäimen, och un déi Leit ze erënneren, déi mär kannt hun an eis no stungen.

Besonnesch solle mär déijéineg nët vergiessen, déi ëmmer do unzetreffe woren, wou si am Déngscht vun der Hemecht gebraucht si gin.

De 17. Abrël 1941 hat ech d'Erlabnës krit, fir de Batty an den L.R.L. opzehuelen an hien ze vereedegen.

De Batty wor kee Mënsch wéi vill aner. Hien wor vill méi impulsiv an huet ëmmer versicht all dat gutt zu Enn ze bréngen, wat hien ugefang hat.

Den Eeed dén hien deemools geleescht huet, hat him eng Verflichtung operluecht, der Hemecht trei ze bleiwen. De Batty hat déi Saach ganz eescht geholl an huet säi Verspriechen och gehal.

Mär konnten op hien zielen an eis op hien verloossen.

De Batty wor net ee vun dénen 4,196 Krichsmemberen vum L.R.L., déi nëmmen einfach als Member hire Bäidrag bezuelt huet, hien huet sech voll a ganz ~~agesat~~ fir d'gutt Saach agesaat a wor ëmmer bereet och bei gréisseren Resistenzaktiounen matzehëllefen. Vill franséisch Krichsgefangener ~~waren~~ dem Batty e grousse Merci fir séng Hëllef schëlleg.

Mär wore frou, wéi dem Batty säi Numm nët mat op der Löscht vun déne wor, déi bei der grousser Verhaftungswell am Januar 1943 an d'Hänn vun der Gestapo gefall sinn.

Hien wor een vun dénen déi di éischt Kris vun der Resistenz iwwerlieft hun an hat doduerch d'Méiglechkeet ze hëllefen nei Verbindungen ze schaafen an d'Resistenz erëm nei opzebauen.

Wéi d'Preisen op der Lauer woren, fir mech ze fänken, wor ech mat dem Velo ënnerwee, fir op Emweër an d'Eisléck ze fueren, wou de Batty mär eng Stop an der ieweschter Schlënner gesicht hat.

Mat knapper Nout sin ech enger grousser Razzia entkomm, bei deër d'Preisen déi ganz iewescht Schlënner ëmstallt haten.

Schwéier krank sin ech hei zu Déifferdang an der Nuet ukomm, wou de Batty an d'Elise mech an hirer zwee-Zëmmerwunneng opgeholl hun, bis ech mech ewéneg erholl hat. D'Elise huet mech owends als Batty verkleed bei den Dr.Goubin gefouert a mech duerno a ménger neier Stopp ofgeliwwert.

De Batty huet no ménger Verdunkelung mäi Posten als Gruppechef vum L.R.L. iwerholl a weidergeféiert. Ech wor awer nët dén eenzegen, dee vun hinnen zwee a grousser Nout ~~Nout~~ opgeholl gin as an ënner grousser Gefoor an hirer einfacher Zweezëmmerwunneng"en passage" verstoppt wor.

No mär sin nach 4 jong Refractären bei hinnen opgeholl gin, déi op hiren départ fir an d'Frankräich

gewaard hun.
Zwéin dovun wore bal 3 Wochen an hirer klenger Wunneng vun 2 Zëmmer an der Zolverstrooss zu Déifferdang.
De Batty an d'Elise hun de Refraktären hirt ege Bett zur Verfügong gestallt an si hun op enger Decken um Buedem geschlof. Et as nët ze vergiessen datt de Batty déi Zäit hanz schwéier an der Galerie geschafft huet an datt hien séng Rou bestëmmz néidig gehat hätt.
Et wor nëmmen eng Toilette am Haus an déi wor am Keller. Et kann een haut kengem dat bis an Détailler erklären, ech kann iech nëmmen soen, datt et nët einfach wor.
De Batty an d'Elise hu wuel gemierkt, datt d'Stoppen fir d'Jongen ëmmer méi rar si gin an d'Zuel vun de Refractären stänneg zougeholl huet.
Duerch d'Elise wor de Batty an de Bëscher vu Schlënnermanescht an Emgéigend kënneg gin. A sénger Fräizäit a Sonndes huet de Batty mat Hëllef vum Elise sénger Famill aus dem Eisléck e Bunker gebaut, wou gutt 2o Jongen et eng Zäit aushale könnten.
De Bunker wor net lang onbewunnt. Wat awer elo alles ënner der Nues vun de Preisen geschitt as, kann een haut net méi an e puer Sätz beschreiwen
Wat déi zwee Leit, de Batty an d'Elise alles ennerholl hun, fir deenen aneren hir Kanner um Liewen ze erhalen, kann keen méi bis an déi kleng Détailler erzielen.



Gewierer, Munitioun, handgranaten a nach munesch aner geféierlech Saachen konnt een nët einfach an d'Täsch stiechen oder an enger Dammeposch an d'Eisléck brengen. An dach sin déi Saachen do uewen néideg gebraucht gin. An nach guer nët vum Ravitaillement ze schwetzen.
Wat des zwee Leit, d'Elise hei esou wéi et virun iech steet an dee Mënsch dén hei an desem Graf séng Rou fond huet, an deër Zäit fir Mënschen geleescht hun déi a grousser Nout woren, kann ech iech no 5o Joër nët méi alles erklären.
6o km wäit ewech, mat dem Zuch elauter Saachen z ze transportéieren, wou d'Doudesstroof drop stung et wor dat alles bal eng Onméiglechkeet, an dach hun des zwee Leit et färdeg bruecht, dat Onméig lecht mat Hëllef vun anere gudde Leit, méiglech ze maachen.
Dobäi duerf nët vergiess gin, datt d'Elise a geseenten Emstänn wor. Déi ganz Opregung wor him nët gudd kom an et wor bal schief gaang.
Wéi d'Elise erëm op de Been wor, huet hatt séng geféierlech Missioun weidergeféiert. Wéi hatt et färdeg bruecht huet, fir 12 Gewierer mat dem Zuch als Gepäck bei stänneger Kontroll vun de Preisen am Zuch, bis an d'Eisléck ze transportéieren, dovun hun der deemools nëmmen zwéi gewosst, déjéinegen denn d'Uewepäifen verkaaft huet an d'Elise selwer.
D'Preisen woren op eemol dem Batty op d'Spuer kom. Fir de Bunker nët a Gefor ze bréngen, huet

5

de Batty sech ofgesat an hien huet de Kommando al am Bunker Friedbösch selwer iwerholl.

D'Gestapo huet dem Batty séng Wunnéng duerchwullt an déi eidel Këschten op d'Kopp gedréit, wou d'Elise den Dag virdrun nach 4 Pistole 08 a 6 Handgranaten gudd verpaackt an d'Eisléck transportéiert hat.

D'Elise huet elo mussen ganz virsichteg sin well d'Gestapo hat iwwerwaacht huet.

Fir nët opzefalen, as hat awer nach emol mam Zuc Zuch gefuer, awer hat huet op der Gare e Billiet fir eng ganz aner Richtung geholl.

Alles as awer gutt ausgaang a wéi d'Amerikaner kom sinn, wore vill jong Leit frou fir hir Famillen erëm ze gesinn.

Wi de Batty heem op Déifferdang kom as, huet hie zwee russesch Meedercher a sénger Wunneng fond déi ech dem Elise uvertraut hat, éier d'Preisen d'Russelager opléise konnten.

Déi russesch Zwangsaarbechterinnen hu sech beim Batty a beim Elise wuel gefillt a wollten nët méi zréck a Russland.

Wéi de Krich eriwer wor, as de Batty an d'Elise op Rodange geplennert, wou si e Commerce ugefang hun . Hire Kontakt mat der Resistenz wor awer bis dohin nët ofgebrach.

De Batty wor am Comité vun de Politesche Flücktlingen an huet am Juni 1967 gehollef, d'Amicale des Anciens de la Résistance et Environs ze grënnen.
Differdange

6

De Batty wor Pätter vun eisen zwéin Résistenzfändelen an huet d'Resistenz grosszügech finanziell ënnerstëtzt.

Wann d'Organisatoren vum deemoolegen Hôme du Passeur zu Péiténg hir Bicher nokucken, fannen si bestëmmt de Numm vum Batty ënner deenen, déi di deemooleg Entreprise duerch eng tatkräfteg Ennerstëtzung méiglech gemaach hun.

Duerno as eng ganz béiss Zäit fir de Batty a fir séng ganz Famill kom.

Nodeems si sech op Kaundorf an d'Eisléck zréckgezunn haten, as de Batty ganz vill krank gin.

Hien wor e Minettsdapp a konnt sech am Eisléck net doheem fillen.

Séng Krankheet huet schrecklech Depressiounen ausgeléisst a séng ganz Famill wor mat him onglécklech. D'Elise, séng Fra, déi mat him duerch Déck an Dënn gangen as an dat hien an de schwéierer Zäit vum Krich nët eleng gelooss huet, huet mat him gelidden.

Si hun sech décidéiert erëm an de Minett ze goen wou si an deër Gemeng e neit Heem opgebaut hun, wou viru 50 Joër d'Wéi vum L.R.L. stung, fir déi de Batty villes rëskéiert hat.

Hien as de 29.November 1991 gestuerwen, ouni dd datt hien fir séng Enttäuschungen Satisfactioun fond huet.

Et hun der nët vill un dee Mënsch geduecht, deen zesumme mat sénger Fra der Hemecht a schwéierer Zäit treu gedénkt huet.

Mär hun eppes klenges gudd ze maachen.
Loosse mär als grousse Merci d'Elise, séng Frâ an eis Gesellschaft ophuelen an d'Undenken un de Batty als grousse Patriot waachhalen.

Si hun et allen zwee riedlech verdéngt